# 11.09.1988 : Grillfest

Den 9. Juli sollt d'Grillfest sinn. Am Nomëtteg hu mer dann awer wéint deem schlechte Wieder ofgesot. D'Fleesch gouf agefruer. D'Brout brauchte mer net anzefréieren, de Sekretär hat vergiess et ze bestellen.

Den 11. September em 15.00 Auer hunn d'« Ëmmerdo » opgeriicht : Hein Gérard, Ipavec Daniel, Tremuth Laurent an Tremuth Fernand. Em 15.30 h hu mer d'Feier ugefaang kritt, trotz enger kräfteger Lëftchen.

Géint Owend hate mer dann eng 40 Leit, Erwuessener a Kanner, zesummen. De Gerry huet gegrillt. All hunn se gutt giess.

Duerno gouf Fussball gespillt. Bilan : 3 Blesséierter : Gerry, Daniel, Patrick Schmit.

Nodeems de Sekretär dann och nach duerch de Stull gefall war an den Daniel der Bei et nogemat hat (si war och sat), gouf et Nuecht. Mir hunn d'Reschter verdeelt, hunn agepaakt a sinn heemgaang.